



De **Laurent Felten**, gebuer den 13. August 1976 an der Stad Lëtzebuerg, ass e lëtzebuergeschen Organist an Cembalist.

De Laurent Felten huet säi Museksstudium am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg ugefaangen, an deem hien Éischt Präisser krut an de Branchen Uergel, Cembalo, Harmonie, Kontrapunkt, a Fug. 1996 krut hien de *Prix Supérieur* an Uergel mat Distinctioun an der Klass vum Alain Wirth.

Zu weidere Studie koum hien am *Conservatoire Royal* zu Bréissel an der Uergelklass beim Jean Ferrard a beim Xavier Deprez wou de Laurent Felten den *Éische Präis* mat Distinctioun an Uergel mécht an dobäi *Éischt Präisser* an Harmonie, Kontrapunkt a Museksanalys.

Am Joer 1999 krut hie fir seng Verdénschter am Domän vun der Uergel den IKB-Jugendpreis. 2001 ass hie Laureat vum Prix Norbert Stelmes. 2002 schléisst e seng Studien am Bréisseler Conservatoire mat engem *Prix Supérieur en orgue avec grande distinction* of.

Hie besicht regelméisseg Perfektiouunsourcen an deenen hie schonns mat villen Uergevirtuose geschafft huet wéi de Jean Boyer, de Gillian Weir, Lorenzo Ghielmi, Harald Vogel oder den Olivier Latry.

Vu 14 Joer un ass de Laurent Felten Organist an der Kierch um Zens.

Do dernieft ass hien ee vun den Organiste vun der Diddelenger Kierch.

Zënter September 2000 ass e Chargé de cours fir Uergel an der Diddelenger Musekschoul.

Hien ass Vizepresident vun der Association Amis de l'Orgue - Luxembourg.